adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 1. September 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

D'Buerg vu Simmer, e kulturhistoresch wichtegen Zeie vun der Lëtzebuerger Geschicht, gëtt elo fir 3 500 000 Euro verkaaft.

An deem Kontext hätt ech folgend Fro un d'Regierung:

- Wier et an den Ae vun der Regierung elo net ubruecht, datt de Staat d'Simmer Buerg keeft, fir weiderhin d'Kontroll iwwert dëse kulturhistoresch wichtegen Zeie vun der Lëtzebuerger Geschicht ze hunn an dësen och fir de Public opzemaachen? Wéi eng aner Méiglechkeet(e) géif et ginn, fir datt de Staat d'Kontroll iwwert d'Simmer Buerg behält?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten